



N° 6376
Reçue le 20.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.06.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Den 10ten Juni koum et zu engem trageschen Aarbechtsaccident, bei deem ee Mann vun 55 Joer säin Liewen huet misste loossen. Aarbechtsaccidenter mat déidleche Folgen sinn zu Lëtzebuerg opgrond vun eiser Gréisst seelen, mee leider eng Realitéit.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. 2019 waren eng 29 Inspecteurs du travail bei der ITM agestallt. 2021 ass bis op 96 Inspekteren eropgeschrauft ginn.
Denkt de Minister dass et weider Inspekteren braucht oder sollt éischer gekuckt ginn, fir d'Aarbecht vun den Inspekteren weider un den Terrain unzepassen, fir hier Aarbechtszäit esou effektiv ewéi méiglech ze notzen?
2. Wat fir weider Schrëtt sinn an den Aen vum Minister nach méiglech, fir d'Unzuel un déidlechen Aarbechtsaccidenter weider Richtung 0 ze drecken?
3. Am Rapport vun 2019 vun der Association d'assurance accident kann een Zuelen vun den déidlechen Aarbechtsaccidenter tëscht 2013 an 2019 noliesen. Hei koum et 2019 zu 16 Doudesfäll, dovunner 10 op der Aarbechtsplaz, 4 als Accident de trajet an 2 wéinst Maladie professionnelle. Am Rapport vun der ITM vun 2019 liesst een vun "nëmmen" 9 déidlechen Accidenter. Wann een d'Zuelen vun 2020 kukt, schwätzt AAA vun 7 déidlechen Accidenter op der Aarbechtsplaz, d'ITM kënn nëmmen op 4. Dës sinn nëmmen 2 Beispiller, wou d'Zuelen net iwwerteneen stëmmen.
Wéi erklären sech d'Ministeren dës ënnerschiddlech Zuelen?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft
Georges Engel an vum Här Minister fir sozial Sécherheet Claude Haagen op d'parlamentaresch Fro
n°6376 vum honorablen Deputéierten Sven Clement**

Ad. 1

D'Hauptmissioun vun der ITM ass et ze kucken, dass d'Reegele bezüglech den Aarbechtsbedingungen, deene vun der Sécherheet- an der Gesondheet op der Aarbecht an deene vun den Etablissements classés (Commodo-Incommodo) agehale ginn. Nieft dëser Hauptmissioun huet d'ITM och nach vill aner Matièreen ze couvréieren, wéi zum Beispill de Seveso, d'Tunnellen, d'Minnen, den Harcelement, de Sozialdialog, d'Beschäftegung vun den net EU-Bierger, d'Sozialwalen, d'Aarbechtsaccidenter, asw.

An all dëse Matièreen mécht d'ITM reegelméisseg Kontrollen an steet den Employeuren an de Salariéen berodend zur Säit.

Enn 2021, hat d'ITM am Ganze 96 Aarbechtsinspekteren, dovunner waren der 69 um Terrain aktiv a 27 déi net um Terrain aktiv waren mee déi haaptsächlech mam Ausstelle vun de Commodo-Autorisatioune beschäftigt waren. Dowéinst ass et wichteg och an der Zukunft weider Aarbechtsinspektere ze rekrutéieren.

Ze bemierken ass, dass d'ITM kontinuéierlech am Gaangen ass d'Aarbecht vun den Aarbechtsinspekteren nach méi un den Terrain kënnen unzepassen fir hier Aarbechtzäit esou effektiv ewéi méiglech kënnen ze notzen. Dëst geschitt ënnert anerem duerch d'Formatioune déi d'Aarbechtsinspektere musse matmaachen, duerch nei Prozeduren déi agefouert ginn an duerch d'Kreatioun vun néie Programmer, Modeller vu Bréiwer an Checklëschten déi den Aarbechtsinspekteren zur Verfügung gestallt ginn.

Ad. 2

Fir d'Unzuel vun den déidlechen an net-déidlechen Aarbechtsaccidenter weider Richtung Null ze drécken, muss och weiderhin an d'Formatioun, d'Präventioun an och d'Kontrollen um Terrain gesat ginn. Dobäi ass et wichteg, dass all déi concernéiert Akteuren zesummen déi Défien uginn an zwar duerch eng concertéiert Strategie.

An deem Kontext ass d'Association d'Assurance Accident (AAA) am gaangen déi zweet Phase vun der « Vision Zero » fir 2023-2030 ze präparéieren.

Fir déi nächst Phase si follgend Haaptobjektiver viséiert:

- Eng Diminutioun vun 20% vum nationale Frequenztaux, all d'Secteuren kombinéiert, vun Aarbechtsaccidenter am Verglach zum Joer 2019 (3,73%), andeems e speziellen Effort op Héichrisiko-Secteuren geriicht gëtt duerch d'Ëmsetzung vun enger Rei vu méi geziilten Aktiounen;
- Kontinuéierleche Réckgang vun der Unzuel u schwéieren an déidlechen Accidenter.

Ad. 3

Follgend déidlech Aarbechtsaccidenter sinn an deene leschte 5 Joer vun der Association d'Assurance Accident (AAA) a vun der ITM enregistriert ginn:

| Joer | ITM Aarbechtsaccidenter | AAA* | | |
|------|----------------------------|---------------------|-------------------|------------------------------|
| | | Aarbechtsaccidenter | Trajetsaccidenter | professionell Krankheeten |
| 2017 | 7 | 12 | 7 | 2 |
| 2018 | 10 | 15 | 6 | 2 |
| 2019 | 9 | 10 | 4 | 2 |
| 2020 | 4 | 7 | 9 | 3 |
| 2021 | 3 | 7 | 0 | 3 |

(*) Zuele vun der AAA

Den Ënnerschied tëschent den déidlechen Aarbechtsaccidenter déi vun der AAA an deenen déi vun der ITM enregistriert ginn, ass op d'Deklaratiounen déi vun den Employeure bei deenen zwou Verwaltungen gemaach ginn, zeréckzeféieren.

Et ass och esou, dass verschidden déidlech Aarbechtsaccidenter déi bei der AAA déclaréiert ginn, duerch e Malaise entstane sinn oder Leit betraff hunn déi beim Staat schaffen an doduerch net bei der ITM déclaréiert gi sinn.

Ze bemerken ass och, dass d'AAA fir d'Leeschungen am Fall vun engem Aarbechtsaccident opkënnert an dass den Employeur dowéinst seng Deklaratioun ëmmer bei der AAA mécht awer d'ITM net ëmmer driwwer informéiert obwuel dat am Artikel L. 614-11 vum Aarbechtsgesetzbuch virgesinn ass.

Et ass virgesi fir deem entgéintzewierken mat der Schafung vun enger eenzeger Deklaratioun déi vum Employeur op enger vum Staat securiséierter elektronischer Plattform fir dës zwou Verwaltungen ze maachen ass.

Lëtzebuerg, den 8. August 2022

(s.) Georges ENGEL
Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie
sociale et solidaire